



Gruef tëschent dem Buschtaf vum Gesetz an der Praxis zougeschott ginn. D'Angscht, an e kriminellen Eck gedréckt ze ginn, ass fir déi schwanger Fra eng onzoumuttbar a schwéier Laascht.

Dës Reform soll déi wesentlech Elementer vun der Preventioun, Opklärung an Ënnerstëtzung vu Fraen an enger Noutlag verstärken. Nëmmen da kënne mir den Avortement esou déif wéi méiglech halen.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Doerner Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydie Polfer agedroen. Madame Polfer, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'lescht Joer am Mäerz war an dëser Chamber schonn eng Diskussioun iwwer e ganz gravéierende Problem: dee vun de Schwangerschafte bei mannerjährege Meedercher. D'Zuelen, déi do genannt gi sinn, ob-schonn een net ganz kloer gesäit, mä déi louchen awer zwëscht 80 an 100 Gebuerte pro Joer wéi gesot bei Mannerjähregen. An et ass gesot ginn, datt een dovunner kann ausgoen, datt och grad-esou vill Avortementer derbäikomm sinn, woubäi awer nëmme 37 Demandë beim Planning agaange sinn. Dat alles, fir ze soen, datt mer hei mat enger Situatioun ze dinn hunn, wou all Mënsch an där Diskussioun, déi op eng ganz uerdentlech Aart a Weis geféiert ginn ass, eens war, fir dat ze ënnersträichen, wat elo just och gesot ginn ass: En Avortement ass ëmmer eng drama-tesch Situatioun.

Et ass ëmmer fir déi Fra, jo souguer heiansdo déi Koppel oder déi Famill, déi et trëfft, eng dramatesch Situatioun a kënnt awer leider ëmmer nees vir, an an alle soziale Schichten. Duerfir, wann et d'Ausnahm muss bleiwen a wann et ni effektiv kann e Moyaen zur Familljeplanung sinn, esou muss een awer eben an deenen Ausnahmefäll, wou et eben dozou kënnt, eng mënschewierdeg, eng digne Léisung fir d'Fra, déi betraff ass, fannen. An eng, déi eben och vum gesondheetleche Standpunkt déi beschtméiglech ass.

Dat war eng vun de Konklusioune vun där Diskussioun. Du koume Wahlen, du kouw e Regierungsprogramm, an deem ugedeit ginn ass, datt iwwert dat do misst geschwat ginn, well keen huet et normal fonnt, datt honnerten - honnerten! - vun Avortementer vu Fraen aus dësem Land mussen am Ausland gemaach ginn.

Wéi gesot, mir kruten eng nei Regierung, mir kruten e Regierungsprogramm. D'Madame Loschetter huet am Oktober gefrot, fir da kënnen am Virfeld vun där neier Reglementatioun eng Kéier hei ze schwätzen. Haut maache mer et.

An, firwat haut eréischt? Mä vläicht, well d'Regierung bis elo gebraucht huet, fir ons en Text virzeleeën. Den Här Minister, de Justizminister, huet ons de Moien - an ech sinn dankbar doriwwer - deen Text ginn, deen d'Regierung ausgeschafft huet.

Ech wéilt hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt souwuel an där Diskussioun vum leschte Joer am Mäerz wéi och haut eis Haltung zu där Problematik ganz kloer war. Mir waren am Grondprinzip mat där Proposition d'accord, déi d'Madame Lydie Err hei am Joer 2007 virgeluecht hat, eng Proposition, déi eng Fristeléisung proposéiert huet; dat heescht, wou an deenen éischten zwielef Joer vun der Schwangerschaft...

**(Brouhaha)**

Zwielef Méint...

► **Plusieurs voix.**- Wochen!

► **Mme Lydie Polfer (DP).**...Woche vun der Schwangerschaft eng Fra eben op Demande an natierlech ënnert dem gegebenen gesondheetlechen Ëmfeld kéint eng Schwangerschaft virhuelen. Mir waren dat deemools, mir sinn dat och nach haut.

Haut de Moie krute mer wéi gesot deen neien Text virgeluecht. Ech muss ganz éierlech soen: En ass enttäuschend. En ass enttäuschend fir d'éischt, well e Wischiwaschi ass.

► **Une voix.**- Jo!

► **Une autre voix.**- Très bien!

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Ech huelen un, datt dat d'schlecht Gewësse vun der LSAP ass, dat hei zum Ausdrock kënnt, well kee besser wéi d'„Tageblatt“ vun haut huet dat ënner Beweis gestallt, wann et schreift: „Et gëtt eng Fristenlösung light.“ Entweder et ass eng Fristenlösung oder et ass eng Indikatiounsléisung, mä eng „Fristenlösung light“, ech mengen, dat weist eben, datt déi eng dat eent wollten an déi aner dat anert, a wat derbäi erauskomm ass, ass net zefridde stellend.

Jo, mir bleiwen also, egal, wat do steet, bei der Indikatiounsléisung. Et kënnt just eng derbäi: déi vun der sozialer Détresse, déi d'Fra eleng décidéiert. Dat ass och gutt.

Mä direkt niewendrun am Exposé des motifs gëtt awer gesot: „Nee, ëm Gottes Willen, et gëtt keng Dépénalisatioun vum Avortement. Dat awer elo guer net. Nee, neen, dat net.“ Dat weist scho wéi gesot, datt hei zwee Geeschter um Wierk waren.

Wat och enttäuschend ass, dat ass, datt keng konkret Moosname virgesi sinn, wou mer eis awer och alleguerten am Mäerz d'lescht Joer hei eens waren, datt méi, datt vill méi misst gemaach gi fir d'Preventioun, well, wann den Avortement ëmmer en Drama ass, ëmmer eng Krisesituatioun, da muss mer wëssen, datt méi muss gemaach ginn, fir ze verhënneren, esou wäit ze kommen: Opklärung an de Schoulen, net nëmme sexuell Opklärung, mä wéi ganz richteg gesot gëtt, och relationnel Opklärung. Dovu steet guer näischt dran.

Awer dat Schlëmmst an dat Enttäuschendst ass, dat, wat elo just och gesot ginn ass, datt et eng Verschlechterung gëtt. Dat heescht, datt et méi schwéier gëtt fir d'Fra, déi schonn enger ganz schwiereger Situatioun ass, an enger perséinlech ganz schwiereger Situatioun, eben dat do ze maachen. Et gëtt eppes Neies agefouert: Niewent der evidenter normaler Visite, also Konsultatioun beim Dokter kënnt eben déi obligatoresch Konsultatioun vun engem Centre de consultation et d'information familiale, dee vun der Regierung muss agréiert ginn derbäi.

Dat mécht ganz einfach déi ganz Prozedur - an elo kann een et dréinen, wéi een et wëllt - méi laang, méi schwéierfällg an och vill manner diskret, dat heescht vill manner respektvoll vis-à-vis vun där Fra, déi net an alle Fäll - esou géif ech et op alle Fall emfannen -, déi net an alle Fäll mat Leit, déi se net kennt, mat deene se net onbedéngt eng Vertrauensrelatioun huet, iwwer hir ganz perséinlech intiimste Problemer misst schwätzen, a firwat et dann esou wäit komm ass, a wéi dat da konnt kommen, a wat se net gemaach huet, a wéi...? Ech ka mer et guer net ausdenken. Ech fannen dat einfach net ubruecht.

Datt et dat soll ginn, datt esou Konsultatiounen méiglech sinn: honnertprozenteg d'accord! An dat stoung jo och an der Madame Err hirer Proposition, mä datt et an alle Fäll muss obligatoresch sinn, do kann ech einfach net dermat d'accord sinn. Wéi gesot, well et der elementarer Dignitéit vun der Fra net Rechnung dréit.

Et stinn nach eng Rei Saachen dran, ënner wéi enge Konditiounen dat soll virgeholl ginn. Mä zum Beispill, et steet net dran...

► **M. le Président.**- Madame Polfer, Dir musst esou lues zum Schluss kommen.

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Ech kommen direkt zum Schluss. Et steet an der Madame Err hirer Proposition och, datt déi Leit an deene Konsultatiounen - wou et awer wéi gesot fakultativ ass - dem Secret professionnel ënnerluecht ginn. Dat steet an där heiter Proposition net dran.

Dir hutt verstan, datt aus all deenen Ursachen, déi ech elo gesot hunn, mir der Madame Err hir Proposition vill méi ausgeglach, vill méi komplett fannen.

An duerfir, Här President, erlaben ech mer - an ech erkennen der Madame Err natierlech all intellektuell Rechter an Urheber-rechter un -, mä ech erlaabe mer hei, d'Proposition vun der Madame Err nach eng Kéier ze déposieren. Well ech fannen deen Text gëtt ons d'Méiglechkeet, fir vill méi en ausgewogenen, vill méi en équilibréierten Text an deenen nächste Méint ze diskutieren.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

## 2. Dépôt d'une proposition de loi

6102 - Proposition de loi portant modification de la loi du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption de la grossesse

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Polfer Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Err agedroen. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

**(Brouhaha général)**

## 3. Heure d'actualité demandée par le groupe déi gréng sur la révision de la loi relative à la réglementation de l'interruption de grossesse (suite)

**Débat (suite)**

► **Mme Lydie Err (LSAP).**- Avortement, Dir Dammen an Dir Hären, ass keng Contraceptioun, wäert an däerf och keng ginn, och dat net am Zäitalter vun der Pëll duerno. Wéi hei schonn ugeklongen ass, ass 2007 am Mäerz plus ou moins zum 8. Mäerz vu mir eng Proposition de loi iwwer Avortement déposiert ginn, déi am Fong nach net hei diskutéiert ginn ass, sou dass ech der Madame Loschetter, deene Gréngen dankbar sinn, fir d'Geleeënheet hei ze kréien, e Wuert zu eppes ze soen, wat mer e ganz wichteg Uleies ass.

Ech kommen natierlech och op den Text vun der Regierung zrëck. Ech weisen dann, wou d'Differenze sinn a wéi déi sollen ze verstoe sinn.

Loosst mech just als Introductioun nach e puer Wieder soen. Kanner, déi gewënscht sinn an déi wëllkomm sinn an enger Famill, an enger Gesellschaft, bréngen déi Freed a Beräicherung, besonnesch och fir si selwer e gesond Selbstvertrauen a vläicht psychogénéalogesch e Selbstverständnis, wat hautdësdays Gold wäert ass.

Gëschter stoung an enger Zeitung eng Ausstellung - „Stopp zur sexueller Gewalt a Mëssbrauch“ -, déi an der Escher Gemeng de Moment stattfënn an aus där ervirgeet, dass hei déi Leit, déi sech zsummegedoen hu géint de Mëssbrauch an enger A.s.b.l., eng Ausstellung proposéieren, fir ze weisen, wéi och an de Familljen, Dir Dammen an Dir Hären, Kanner alldeeglech mëssbraucht ginn, an 90% dovunner dësem Ausschnëtt no sexuell belästegt ginn an der eegener Famill.

Et ass also scho wichteg, dass Kanner, déi op d'Welt kommen, gewënscht sinn, fir dass se dee beschtméiglechen Environnement fir hir eegen Entwécklung hunn.

Besonnesch: Et ass wichteg, e Gesetz ze hunn, wat d'Saache kloer seet. An et ass besonnesch och wichteg, dass dat Gesetz net d'Ëmgeréits vergësst, wéi zum Beispill net nëmmen d'Sexualerzéiung, mä och d'Relatiounserzéiung; well déi zwou, déi ginn zesammen. A mat deem sexuelle Billerkrich, deen de Moment ass, geet vläicht déi Notioun deelweis verluer.

Ech denken och, dass ee misst e Wuert soen, wat den Avortement dann, wann e praktizéiert gëtt, schliesslech duerstellt. Et misst och kloer gesot ginn, dass dann nëmmen en Dokter et ka maachen - an a mengen Ae kann dat nëmmen esou sinn -, dass et en Acte médical ass, dee jo och misst da rembourséiert ginn.

Wa mer wëssen, dass zu Lëtzebuerg - an dat kënnt aus deem leschten ORK-Bericht ervir - ganz vill jugendlech mannerjähreg Frae schwanger sinn, Kanner kréien oder ofdreien, dann ass dat zweifelsohne de Beweis derfir, wann en nach néideg wier, erbruecht ze ginn, dass d'Sexualopklärung an och Éducation sexuelle et affective - dat ass e bësse schwéier ze iwwersetzen - zu Lëtzebuerg op jidde Fall nach net schéngt ukomm ze sinn, do, wou et am néidegste wier, dat heescht bei deene jonke Leit.

Ech hu Frënn, déi Apdikter sinn, an och déi soe mer, dass Sexualerzéiung bei erwuesene Fraen och net ëmmer ka virausgesat ginn, well regelméisseg och do iwwert de Weekend d'Pëll vum Dag duerno verlaangt gëtt an öfters och nach vun deene-selwechte Fraen.

Et ass also e Besoin hei zu Lëtzebuerg, fir Sexualopklärung ze maachen, fir näischt ze verschéieren, a fir d'Méiglechkeet, sech fräi ze entscheeden, e Kand ze kréien oder och net, muss kënnen organiséiert ginn. Et ass jo net... Et ass jo gewosst, dass a Frankräich zënter 1974 schonn en offent Gesetz zum Avortement komm ass, iwwergens vun enger Parteikolleegin vun der Madame Doerner, mengen ech kënnen ze soen, déi e bëssen an eng aner Richtung gaangen ass, mä ech denken, dass et interessant ass, d'Gemeinsamkeeten an d'Differenzen zwëscht der Proposition an dem Projet duerstellen.

Positiv ass, dass den Délai deeselwechten ass, während där d'Schwangerschaft ka virgeholl ginn. Zwielef bis 14 Woche jee no Gesondheetslag, an ech mengen och, dass et d'selwecht ass, dass d'Noutlagargument an deenen zwee Texter ass. D'Noutlagargument ass a mengen Ae wichteg, fir ze soen. Mä eppes feelt eigentlech, an a mengen Aen ass et kloer, dass d'Noutlag net ka festgestallt gi vun engem Drëtten, mä d'Noutlag muss festgestallt gi vun deemjéinegen, dee concernéiert ass, dat heescht där schwangerer Fra. Et ass e bësselche wéi bei der Euthanasie. Et ass et net um Dokter oder un der Famill feststellen, ob d'Souffrancen insupportabel sinn oder net: Dee Betreffende muss dat fir sech entscheeden.

Ech mengen, dass et evident ass, dass Fraen, déi an där Lag sinn, sech an enger Noutlag befinne schonn eleng duerch déi Tatsaach, dass se drun denken, dat Kand net kënnen ze kréien.

Positiv an d'selwecht an deenen zwee Texter ass, dass d'mannerjähreg Kanner och kënnen, ouni hir Elteren an d'Bild ze setzen, zu engem Schwangerschaftsofbroch kommen a sech eventuell begleet loose vun engem - dat steet net prezis am Text, a mengen Aen evident awer - groussjähregen Drëtten, deen d'Personne de confiance soll spillen an am Fong anstatt vun den Elteren de Jugendlechen an dee schwéiere Schrëtt do mat begleeten.

Wat ech positiv fannen, ass, dass d'Donnéen anonym solle weidergoen, fir dass endlech gewosst ass, wat zu Lëtzebuerg a Saachen Avortement passéiert, well et ass jo kloer wéi och bei anere Faiten, bei anere Phenomeener, dass duerch de Fait, dass mir e schlecht Gesetz hunn, dat heescht, dass sech un d'Gesetz gehale gëtt. De Fait, dass mir e schlecht Gesetz hunn, dat heescht, dass et iwwerschratt gëtt all Dag. A wann net hei, dann am Ausland. Ech mengen, dass dat eng Ontransparenz ass, déi engem demokratesche Land wéi Lëtzebuerg onwierdeg ass.

Ech mengen och an deenen zwee Texter d'selwecht ze verstoen, dass ëmmer nëmmen en Dokter et ka maachen. Ech mengen awer, dass, wann et net kloer ass, misst een et kloer soen.

Zwou Differenzen hu mer zwëscht deenen Texter vun der Regierung an deem vu menger Proposition de loi. Éischstens, d'Konsultatioun ass am Text vun der Koalition, wéi en elo virläit, obligatoresch an an enger Zäitspan vun dräi Deeg, während en a menger Proposition obligatoresch ass, mä nëmme fir Jugendlecher, fir Mannerjähreger, a fakultativ fir déi Erwuesenen, vun deene mer ausginn, dass se wëssen, wat se wëllen, an dass ee se net méi muss schécken an eng Konsultatioun, nodeem se sech selwer informéiert hunn an hir Entscheidung getraff hunn.

Ech kann awer och nach mat där Konsultatioun do liewen à condition, dass am Gesetz kloer ass, wat déi agréiert Struktur sinn, déi sollen deen Certificat de consultation ausstellen. Et kann net sinn, dass do Frae forcéiert ginn...

► **M. le Président.**- Madame Err, Dir misst elo esou lues zum Schluss kommen!

► **Mme Lydie Err (LSAP).**- Jo. Ech weess, dass dat doten lech net schrecklech an de Krom passt, mä...

**(Brouhaha général)**